***Op der Schock**, asbl stellt an:*

Een Gäertner (m/f/n), CDI 40St./Woch

An eiser Gäertnerei steet ee Changement un, well eise laangjärege Gäertner a Pensioun geet. Gläichzäiteg wäerte mir dee Beräich an de nächste Joren nach ausbauen. Dofir siche mir fir eisen Atelier d'inclusion professionnelle zu Réiden:

Deng Missioun:

- Zesummen mat engem Educateur leeds du ee Grupp vu Mënschen mat enger intellektueller Beanträchtegung am Beräich vun der Gäertnerei:
  - Zesummen Zier- a Wëllplanzen unzillen an sech em d'Kulturen vun denen Planzen këmmeren. Mir schaffen pestizidfräi an nohalteg.
  - Ënnerstëtzung vun de Persounen mat enger intellektueller Beanträchtegung bei der Ausféierung vun den Arbechten
  - Erkennen a Förderung vun hieren Fähegkeeten an Interessen
  - Förderung vun der alldeeglecher Selbständegkeet an de Sozialkompetenzen
- Kontakt mat Klient'en, Virbereeden vun Devis'en an Rechnungen
- Organisatioun vun den Aarbechten
- Weiderentwécklung vum Atelier

De Schwéierpunkt vum Gäertner läit dobäi an der Gestioun vun der Produktioun an de Schwéierpunkt vum Educateur an der pädagogescher Arbecht.

Qualifikatioun a Kompetenzen:

- Een zu Lëtzebuerg unerkannten Diplom als Gärtner/Zierpflanzengäertner (DAP oder equivalent), Meeschterprüfung a Berufserfahrung si vu Virdeel
- Fundéiert Planzekentnisser; Kentnisser an der Opzuucht vu Planzen
- Freed an Engagement an der Zesummenaarbecht mat Mënschen mat enger intellektueller Beanträchtegung
- Kapabel, autonom ze schaffen a Responsabilitéit ze iwwerhuelen
- Strukturéiert a koordinéiert Schaffen
- Loscht, sech an engem Team ze engagéiren
- Humor a léisungsorientéiert Haltung
- PC-Kenntnisser

Op der Schock

Lëtzebuergesch schwätzen ass eis wichteg, fir dass déi betreite Persounen hir Betreier verstinn.

Wann Dir interesséiert sidd, **schéckt Är Demande**
(Liewenslaf, Motivatiounsbréif, Foto, Kopie vum néidegen Diplom a senger Unerkennung zu Lëtzebuerg) un:

Op der Schock
Ressources humaines
B.P.10 L-8501 Redange

Oder per E-Mail un: **recrutement@ods.lu**

Eng éischt Selektioun gëtt opgrond vun den Dossiere gemaach
Fir weider Informatiounen, kënnt dir eis gäre kontaktéieren.

Tel: **00352 26 62 18 81 – 1**